# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

Association sans but lucratif, fondée en 1997 - Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe

**En avant ... marche !**

Bulletin no 38
04/2019


# Un Aarbecht fehlt et de Frënn net

## 2018 war en Iwwerganksjoer a fir 2019 sti nei Saachen um Programm

No enger deelweis neier Formel hunn „d'Frënn vun der Militärmusek" de 15. Mäerz hir Generalversammlung am Museksconservatoire vun der Stad Lëtzebuerg ofgehalen, wou d'Militärmusek jo och hire Sëtz huet.

Fir d'éischt huet de Bureau exécutif dem Verwaltungsrot an enger eegener Sëtzung de Bilan vum Joer 2018 presentéiert an de Programm fir 2019 a senge groussen Zich erklärt. Duerno goufen d'Memberen zur eigentlecher Generalversammlung begréisst.

### Erënnerung un zwee verdéngschtvoll Memberen

Als Éiregäscht huet de Präsident Joseph Lorent am Ufank vun der Generalversammlung den Éireprésident Jean Spautz, de Generol Alain Duschène, den Haffkapellmeeschter a fréieren Dirigent Pierre Nimax, den Dirigent Jean-Claude Braun an de Sous-chef Christian Kirpes begréisst.

Bei der Gedenkminutt fir déi am leschte Joer verstuerwe Memberen gouf stellvertrietend fir sie all un de Grënnungsmember an Éirepräsident Niki Bettendorf (gestuerwen de 27. Januar 2018) an un de Louis Schmitz (gestuerwen den 8. November 2018), Member vum Verwaltungsrot a vum Bureau exécutif, wou hien responsabel fir de Layout vum Bulletin „En avant.. marche! war, erënnert. An de Memento sinn och déi zwee Ënneroffizéier Luc Derneden (47) a Mike van de Berg (39) ageschloss ginn, déi de 14. Februar 2019 bei enger Explosioun am Munitiounsdepot vun der Arméi um Waldhaff hiert Liewe gelooss hunn.

Am Zesummenhank mat de Stierffäll huet de Präsident awer och ernimmt, dass fir d'zweete Kéier an der 22-jähreger Geschicht vun de „Frënn vun der Militärmusek" et engem Member, an zwar dem Här Jean Heinen vu Stengefort, säi leschte Wëlle war, fir an

*Fortsetzung op der Säit 2*



*Sie si fir d'Geschécker vun de "Frënn vun der Militärmusek" verantwortlech: d'Membere vum Verwaltungsrot an déi vum Exekutivbüro.*

*(Fotoën: Tessy Hansen)*



*Opmierksam Nolauschterer a grousser Zuel bei der Generalversammlung*

*Fortsetzung vun der Säit 1*

der Doudesannonce zu engem Don fir eis Associatioun opzeruffen.

## Dräi nei Mataarbechter

Wat d'Zesummesetzung vum Bureau exécutif ugeet, dee fir déi lafend Affären zoustänneg ass, konnt de Präsident Joseph Lorent déi erfreelech Matdeelung maachen, dass op d'Mataarbecht vun dräi neie Membere gezielt ka ginn. Et sinn dat d'Nadine Becker, déi schons hier éischt Artikelen am Bulletin „En avant... marche!“ publizéiert huet, de Martin Bohler, dee virun allem bereet war, fir dem verstuerwene Louis Schmitz seng Aarbecht als Layouter vun eisem Bulletin z'iwwerhuelen, an den Nello Zigrand, dee vun 1979 bis 2018 haaptamtleche Sekretär vun der Militärmusek war an no senger Pensionéierung net nëmmen d'Charge als Sekretär vun den FvMM iwwerholl huet, mä neierdéngs och als Member an de Verwaltungsrot opgeholl gouf. Ernimmt ginn ass awer och déi gutt Zesummenaarbecht mam Kris Giordano, dem neie Sekretä vun der Militärmusek.


## En Iwwerganksjoer mat trotzdem villen Aktivitéiten

Am grousse Ganzen huet den FvMM-Präsident 2018 als en Iwwerganksjoer no de villen an ustrengende Jubiläumsfeierlechkeete vun 2017 fir 175 Joer

*Fortsetzung op der Säit 3*







*Déi verschidde Rechenschaftsberichter resp. de Programm goufe virgedroe vun dem Präsident Josy Lorent, dem Sekretär Nello Zigrand an dem Trésorier Emile Noesen.*



*Direkt no der Generalversammlung ass als Apéritif de Crémant "175 Joer Militärmusek" zerwéiert ginn.*

*Fortsetzung vun der Säit 2*

Militärmusek, 50 Joer Fräiwëllegendéngscht bei der Arméi an 20 Joer „d'Frënn vun der Militärmusek" beschriwwen.

Och wann een sech e bësschen erblosen hätt, stoungen dach eng ganz Rei Aktivitéiten um Programm. Als Beispiller goufen erausgegraff: d'Organisatioun vum traditionelle „Concert de bienfaisance" zesumme mat der Arméi, dem „Luxembourg City Tourist Office" an der Stad Lëtzebuerg den 31. Januar 2018 am Stater Conservatoire, wou den Erléis un dem Grand-Duc an der Grande-Duchesse hier Fondatioun gaangen ass an deen och dës Kéier nees kombinéiert war mat der Diplomiwwerreechung un d'Stagiaire vun den dräi grousse Musiksschoulen; de 15. Juni am Haff vun der Abtei Neimënster am Kader vun der „Fête de la musique" de grousse Bolero-Concert vun der Militärmusek; den 11. November an der Philharmonie den aussergewéinleche Concert „Queen Symphony"; de 19. Dezember am Mierscher Kulturhues de Wiessel un der Spëtzt vun der Big Band, wou den Ernie Hammes no 23 Joer den Taktbengel un de Raoul Christophe weiderginn huet.

Fir méi aktuell mam Programm ze ginn, gouf mam Ëmbau vum Internet-Site vun de FvMM ugefaangen. Eng aner wesentlech Neierung an deem Sënn ass op Initiativ vum Trésorier Emile Noesen mam Bulletin „En avant... marche!" zu Stane komm, andeems amplaz vun zwou Editiounen am Joer elo all Trimester e Bulletin erauskomme soll, wat och nach vill manner Porto bei der Post kascht.

Vun enger grousser Éier fir d'Lëtzebuerger Militärmusek huet de Präsident Joseph Lorent geschwat, wéi en ernimmt huet, dass de fréiere Chef André Reichling de Komponist vun der offizieller Nato-Hymn ass, déi beim Sommet vun der Atlantescher Allianz den 10. Juli zu





Bréissel vun der Militärmusek ënnert der Direktioun vum Jean-Claude Braun grouss erausbruecht gouf.

Méi am Detail ass de Sekretär Nello Zigrand op déi verschidden Aktivitéiten agaangen, huet awer virun allem och déi fir d'Joren 2019 an 2020 geplangte Manfestatiounen expliziéiert. De Schwéierpunkt vum lafende Joer läit op engem aussergewéinleche Concert den 10. November an der Philharmonie, wou d'Militärmusek zesumme mam „Choeur de Chambre de Luxembourg" mat engem besonnesche musikalesche Programm -ënner anerem de 5. Saz aus dem Gustav Mahler senger 2. Sinfonie („Auferstehung")- opwaarde wëllt. Mat dem Chouer vun der franséischer Arméi an der Militärmusek ass den 22. September 2019 e Concert am Stater Conservatoire virgesinn. Geplangt sinn do dernieft den Enregistrement vun enger duebeler CD an eng Rees mat der Militärmusek bei Optrëtter am Ausland.

Op déi him eege gewëssenhaft Manéier huet de Caissier Emile Noesen en ausféierleche Finanzbericht virgedroen, dee positiv ofgeschloss huet an op Recommandatioun vun de Revisoren Pierre Christen a Gilbert Holzem per Akklamatioun ugeholl gouf. D'Zoustëmmung vun der Versammlung huet och dem Budgetsprojet fir 2019 vum Trésorier fonnt. Et sinn 524 Memberen ageschriwwen an d'Cotisatioun fir 2020 bleift onverännert bei 25.-€.

*Fortsetzung op der Säit 4*




*Am Optrag vun de "Frënn vun der Militärmusek" hat d'Kichebrigad vun der Arméi en éischtklassege Büffet preparéiert*

*Schluss vun der Säit 3*

## Unerkennung vum Arméichef

De Generol Alain Duschène huet de „Frënn vun der Militärmusek" Merci gesot fir d'Ënnerstëtzung vun der Militärmusek a besonnesch fir d'Beméiungen bei der Rekrutéierung vun neie Militärmuseker duerch d'Organisatioun vu Stagen fir Jongmuseker aus deene verschiddene Conservatoiren.

Am Numm vun alle Militärmuseker huet och de Capitaine Christian Kirpes als Sous-chef unerkennend Wierder fir d'Aarbecht vun de „Frënn vun der Militärmusek" fonnt.

Ausgeklongen ass d'Generalversammlung an enger flotter Atmosphär mat engem Büffet, deen am Optrag vun de „Frënn vun der Militärmusek" vun der Armékiche preparéiert gi war a jidderengem gutt geschmaacht huet. (j-lo)

## Honneur à Monsieur Lucien Werer

À l'occasion de l'assemblée générale du 15 mars dernier, le président Joseph Lorent a informé les membres présents que le conseil d'administration a décidé, dans sa réunion précédant l'assemblée générale, de conférer à M. Lucien Werer le titre de « membre d'honneur à vie » en reconnaissance de ses éminents services qu'il a rendu et rend toujours à l'a.s.b.l. « d'Frënn vun der Militärmusek » par la vente des CD's avant et après les concerts de la Musique militaire grand-ducale.

En effet, suivant une statistique établie par le trésorier Emile Noesen, il s'est avéré que M. Lucien Werer, depuis l'année 2014 où il a commencé cette activité, jusqu'à l'année 2018 inclusivement, a été présent à 131 concerts et a vendu pas moins de 1064 CD's pour une recette de 15.380,00.-€.



*M. Lucien Werer en pleine action au stand de vente lors du concert donné le 16 mars 2019 par la Musique militaire grand-ducale à Volmerange-les-Mines.*



*Großherzog Henri, der auf dem Foto von den Organisatoren umgeben ist, beehrte das Wohltätigkonzert mit seiner Anwesenheit* *(Fotos: Emile Noesen)*

# Wohltätigkeitskonzert zugunsten der Stiftung Raoul Follereau

## 21 Studenten aus drei Musikkonservatorien spielten im Harmonieorchester mit

In Anwesenheit von Großherzog Henri fand am 30. Januar 2019 im hauptstädtischen Musikkonservatorium das alljährliche „Concert de bienfaisance“ der Militärkapelle statt. Der Reinerlös dieser Veranstaltung ging dieses Jahr an die Stiftung Raoul Follereau. Als Organisatoren fungierten das „Luxembourg City Tourist Office“, die Armee, die „Frënn vun der Militärmusek“ und die Stadt Luxemburg.

In den Reihen des Orchesters waren an diesem Abend neue Gesichter zu sehen. Es handelte sich dabei um 21 Studenten aus den drei Musikkonservatorien, die während drei Tagen beziehungsweise einigen Wochen nach einem zuvor bestandenen Testverfahren an Proben und am Konzert der Militärkapelle teilnehmen durften. Zu dem Rahmenprogramm des „Stage“ gehörte unter anderem auch der Besuch der Militärkasernen auf dem „Härebierg“ in Diekirch. Es war bereits der 21.“Stage“, den die „Frënn vun der Militärmusek“ mit dem Ziel organisiert hatten, jungen Musikern Einblicke in das Proben- und Innenleben der Militärkapelle zu geben und so auf die Karriere des professionellen Musikers vorzubereiten. Eine solche Initiative sei, so wertschätzte General Alain Duschène, äußerst sinnvoll.

*Fortsetzung Seite 6*



*Komponist Kerry Turner nach der Uraufführung seines Werkes ,,Four Pictures for Symphonic Band"*



*In den Reihen der Militärmusik wirkten 21 Studenten aus drei Musikkonservatorien mit, die zuvor an einem dreitägigen Stage teilgenommen hatten*

*Fortsetzung von Seite 5*

Die „Stagiaires" in diesem Jahr waren:

aus dem Musikkonservatorium der Stadt Luxemburg:

Nathalie Berg (Klarinette), Mara Bosseler Klarinette), Marco Delbrassine (Horn), Tracey Lamberty (Trompete), Philippe Schiltz (Schlagzeug) und Luca Wolff (Trompete);

aus dem Musikkonservatorium Esch/Alzette:

Dino Ajdarpasic (Tenorposaune), Anaïs Both (Altsaxofon), Jo Braun (Horn), Amélie Casciato (Klarinette), Yannice Faber (Tenorsaxofon), Lea Ferreira (Oboe), Catherine Origer (Querflöte), Flavio Pierotti (Schlagzeug), Philippe Schiltz (Euphonium) und Eva Victoria Schockmel (Schlagzeug);

aus dem „Conservatoire de musique du Nord": Magaly Da Silva Ferreira (Klarinette), David Jans (Altsaxofon), Mik Mohnen (Trompete), Julie Ries (Altsaxofon) und Anna Scherer (Klarinette).

Das Konzert begann mit dem dreiteiligen Stück „Trittico", einem Werk für Bandoneon* und Harmonieorchester von Roberto Molinelli, in einer eigens von LtCol. Jean-Claude Braun arrangierten Fassung. Solist am Bandoneon war Daniel Gruselle, Professor am Conservatoire d'Esch-sur-Alzette und Gewinner von mehreren Musikwettbewerben. Gruselle überzeugte als Meister seines Instruments, indem er gekonnt die Zuhörer in dem gut gefüllten Saal - in dem es übrigens nicht an Fotografen mangelte - in eine Welt der Melancholie und des Tangos entführte.

Anschließend stand die Uraufführung von „Four Pictures for Symphonic Band" von Kerry Turner auf dem Programm. Turner, bestbekannter Hornist aus dem „Orchestre Philharmonique du Luxembourg", hatte dieses Stück im Auftrag des Kulturministeriums und speziell für dieses Benefizkonzert geschrieben. Er komponierte, wie er später selber bestätigte, etwa einen Monat lang an diesem Werk. Über seine Arbeit sagt er: „You have to listen to your own voice if you want to make your work yours" („Du musst auf deine eigene Stimme hören, um aus einem Werk dein eigenes zu erschaffen"). Und so zeugt seine Komposition von persönlichen Eindrücken, die ihn bei seinen zahlreichen Reisen in unterschiedlichste Regionen dieser Welt inspiriert haben. Er gehe, wie er begeistert erzählte, stets mit offenen Augen durch die Welt und fertige Skizzen an. Aus solchen Skizzen entstanden die „Four pictures for symphonic Band", die von Terrakottafiguren in der Kirche von Bologna erzählen, von Stimmungsbildern aus New York, von einer Grabstätte in London, von Beduinenzelten und demonstrierenden Hippies sowie von einer Parade auf einem Mittelalterfest.

Das Orchester zählte nun rund 70 Musiker, 20 mehr als für das „Trittico". Das Stück enthält sowohl tragende Melodien, wie auch orientalische Klänge und interessante Disharmonien. Es ist ein Orchesterstück, das wohl absolute Präzision verlangt und gleichzeitig voller Überraschungsmomente steckt.

Nach der Pause kamen wir in den Genuss des „El Olymp de los dioses" des spanischen Komponisten Oscar Navarro. Zeus und „seine" Götter und Göttinnen werden musikalisch eindrucksvoll dargestellt, mal geht es rasant zu (gleich am Anfang in „Hermes"), mal idyllisch („Artemis", Göttin der Natur) oder leicht und tänzerisch (Demeter, Göttin der Landschaft). Klanglich sehr intensiv gestalten sich die Teile des Hades (Gott des Todes) und des Poseidon (Gott des Meeres). Im letzteren spielen Naturhörner mit, selten gesehene Instrumente in den heutigen modernen Orchestern. Am bewegendsten aber ist sicherlich die Darstellung des Gottes des Feuers und des Schmiedes. Ganz ungewohnte „Instrumente" gab es hier zu sehen und zu hören : Mit Hämmern wird der Amboss geschlagen, und es entsteht eine mitreissende Rhythmik, gepaart mit den durchschlagenden Klängen von jeweils sechs Hörnern, Trompeten und sechs Zugposaunen … ! Man

*Fortsetzung Seite 7*



*Für die Teilnehmer am 21. Stage gab es Diplome nach dem Konzert*

*(Foto: Sylvie Karger)*

*Schluss von Seite 6*

spürte dem Publikum förmlich an, dass es gerne die entstandene Spannung mit Applaus gebrochen hätte … aber das Stück ging ja noch weiter. Feierlich zog nun Apollo, der Gott der Musik, ein. Anschliessend lag nur noch Liebe in der Luft mit Göttin Aphrodite. Das Werk endet mit einem grandiosen Finale (Zeus und Hera).

Das Publikum war echt begeistert. Als Zugabe wurde es mit Musik von „Queen" verwöhnt.

## Diplomüberreichung an die Jungmusiker

Abschliessend wurden im Rahmen einer kleinen Feier im grossen Probesaal die ersehnten „Certificats de participation au stage" an die 21 jungen Musiker verteilt. Sie freuten sich allesamt, auch diejenigen, die schon zum wiederholten Male bei der Militärmusik dabei waren. General Alain Duschène überreichte gemeinsam mit Präsident Josy Lorent und Kassierer Emile Noesen von den „Frënn vun der Militärmusek" die begehrten Zertifikate. Besonders hervorgehoben wurde die Arbeit von Emile Noesen, war er doch der hauptverantwortliche Organisator dieses „21e Stage de la Musique Militaire" gewesen.

Die anwesenden Stagiaires erzählten beim abschließenden Ehrenwein von ihren Erfahrungen der letzten Tage. Cool sei es gewesen, sagten einige, und sehr lehrreich. Auch der Ausflug zu den Militärkasernen auf dem „Härebierg" und der Einblick in die Einstellungsbedingungen zum Berufsmusiker beim Militär seien fördernd gewesen. Stagiaire Mike M. betonte, dass in der Arbeit im Orchester vor allem beeindruckt habe, dass Chef Jean-Claude Braun eine ganz klare Vision habe von dem, was er klanglich wolle, und in den Proben auch konsequent auf seine Vorstellung hinarbeite. Dies sei natürlich in diesem Orchester dadurch auch anders möglich, da von Anfang die Dynamik einfach stimme im Orchester und der Dirigent sich nicht so sehr auf „Details wie die richtige Lautstärke" zu konzentrieren brauche. Jeder kenne halt seine Stimme, bevor er zur Probe kommt, und man könne gleich anfangen, „Musik zu machen". Die Mutter des jungen Trompeters begrüßt die Initiative des Stage, da junge Menschen auf diese praxisorientierte Art erkennen könnten, ob der Weg des Berufmusikers eine Option für sie darstelle oder eher nicht.

## Doppelter Abschied

Saßen an diesem Abend junge angehende Musiker im Orchester, so hiess es für zwei der Profis Abschied nehmen vom langjährigen Berufsleben als Musiker der Militärkapelle. Adjutant-Major Gilbert Holzem sowie auch Adjutant-Major Marco Thill spielten bei dieser Gelegenheit offiziell ihr letztes Konzert, bevor sie in den wohlverdienten Ruhestand gingen. Auch sie wurden mit Dankesworten und einem Abschiedsgeschenk von den „Frënn vun der Militärmusek" geehrt.

Insgesamt war es eine Erfahrung, die den jungen Menschen lange in der Erinnerung bleiben dürfte, und ein Konzertabend ganz nach der Handschrift von LtCol Jean-Claude Braun, der sich nicht scheut, gemeinsam mit jungen Menschen zu musizieren und dabei immer wieder mit ungewöhnlichen und überraschenden Werken die Konzerte der Militärkapelle schmückt.

Nadine Becker

** Das Bandoneon ist eine Handharmonika aus dem 19. Jahrhundert im Erzgebirge. Das Instrument wurde von sächsischen Bergleuten in ganz Deutschland verbreitet und wurde nach und nach zum „Klavier der kleinen Leute". Konstruiert wurde das aus der Konzertina entwickelte Handzuginstrument von Heinrich Band, dessen Namen es auch bekam. Im Unterschied zum Akkordeon besitzt das Bandoneon keine mechanisch voreingestellten Akkorde, sondern wie das Klavier nur Einzeltöne.*




*D'Vertrieder vun der Stad Lëtzebuerg, dem Luxembourg City Tourist Office, de Frënn vun der Militärmusek an der Militärmusek bei der Scheckiwwerrechung am Stadhaus un d'Fondation Follereau Luxembourg.*

(Photo: Phototèque de la Ville de Luxembourg/Charles Soubry)

# E Scheck vun 7.158,50.- € fir d'Fondatioun Raoul Follereau

## Groussen Erfolleg fir de Benefizconcert vun der Militärmusek

Den traditionelle ,,Concert de bienfaisance" vun der Militärmusek, deen de Luxembourg City Tourist Office (LCTO) zesumme mat der Lëtzebuerger Arméi an de Frënn vun der Miltitärmusek a mat der Ënnerstëtzung vun der Stad Lëtzebuerg den 30. Januar 2019 am Stater Conservatoire organiséiert hat, war op verschiddene Pläng e groussen Erfolleg.

Sou huet net nëmmen de Groussherzog Henri dëse Concert mat senger Präsenz beéiert. Et koum och zur Weltpremière vum Wierk „Four Pictures for Symphonic Band" vum international bekannten US-Komponist Kerry Turner, dee schons zënter 34 Joer zu Lëtzebuerg lieft. D'Organisateuren konnten doriwwer eraus a finanzieller Hisiicht méi wéi zefridde sinn.

Alles an allem si nämlech duerch d'Entréeën -de Concert war fir d'éischte Kéier net gratis- 7.158,50.-€ fir d'Fondation Follereau Luxembourg zesummekomm. Dës net staatlech Stëftung, déi de 7. Dezember 1966 gegrënnt gouf, setzt sech un éischter Plaz fir d'Ënnerstëtzung vun der mënschlecher Solidaritéit a géint all Forme vun Exclusioun an. Ass et dobäi ganz am Ufank haaptsächlech ëm d'Bekämpfung vun der Leprakrankheet gaangen, sou ass d'Fondatiom Follereau Luxembourg haut a néng Länner um afrikanesche Kontinent zesumme mat lokale Partner fir verschidden Initiativen am Gesondheetswiesen, an der Beruffsausbildung vu Jugendleche mat Schwieregkeeten a bei der Bekämpfung vum Mënschenhandel mat Kanner a vun der Kanner-aarbecht aktiv.

Am Kader vun enger Feierstonn an der Stater Gemeng hunn d'Organisatoren vum Bénéfice-Concert den 20. Mäerz dem Präsident Jean Hilger vun der Fondation Follereau Luxembourg e Scheck iwwert de virgenannte Betrag iwwerreecht.

(j-lo)



*Fir dem Tolga Kashif säi Monumentalwierk ,,Queen Symphony" ass d'Militärmusek vum ,,Choeur de Chambre Luxembourg" verstäerkt ginn*

*(Fotos: Claude Piscitelli / RTL)*

# De Casanova a Queen opliewe gelooss

Grousse Concert den 11. November 2018 an der Philharmonie mat zwee grousse Wierker

Fir dese Concert huet sech de Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun fir 2 grouss Wierker entscheed. « Casanova“ vum Johan de Meij an « The Queen Symphony » vum Tolga Kashif.

Ugefaangen huet et mam Originalwierk fir symphonesche Blosorchester an Cello vum Johan de Meij - « Casanova », wou d' Anna Origer de Part vum Solo-Cello mat vill Bravour gemeeschtert huet. Dëst Wierk illustréiert e Porträt vum Giacomo Casanova (1725-1798), deen hei an aacht Biller duerch den Cello verkierpert gëtt. Speziell gëtt hei musikalesch déi opreegend Zäit beschriwwen, wéi dem Casanova seng Verhaftung, seng Gefaangeschaft a säin Ausbroch aus dem Venediger Prisong Piombi.

Am zweeten Deel vum Concert ass et weidergaangen mat der „Queen Symphony“ vum Tolga Kashif, arrangéiert vum Erik Somers. Bei dësem Monumentalwierk ass den Orchester verstärkt gi vum „Choeur de Chambre Luxembourg“ (CCL), deen de Gesangspart interpretéiert huet.

Wien elo geduecht huet, hei eng klassesch Beaarbechtung vun den eenzelnen Titele vun der legendärer britescher Rockband Queen ze héieren, dee gouf enges Bessere beléiert. De Kashif huet et färdegbruecht, a sechs Sätz verschidden Themen ze verschaffen am Stil vum Tschaikovsky, Stravinsky oder och John Williams.

Och wa Queen nom Doud vun hirem Frontsänger Freddie Mercury net méi besteet, sou hun déi verschidde Klangfaarwen an déi gelongen Interpretatioun de Geescht vu Queen nees frësch opliewe gelooss, an eis en onvergiesslече Moment an der Philharmonie erméiglecht. T.M.



*Beim ,,Wierk,,Casanova" huet d'Anna Origer de Part vum Solo-Cello mat Bravour gemeeschtert*



*A Begleedung vun der groussherzoglecher Koppel war de Grand-Duc Jean op de Concert zu Éiere vu senger Mamm, der Grande-Duchesse Charlotte, komm.*

# E patriotesche Concert mat historeschem Hannergrond

## Musikalesch Erënnerung un de Centenaire vum Trounwiessel vun 1919

E besonnesche Concert mat der Militärmusek hat de „Comité Alstad", deem säi Slogan „Eng Zukunft fir ons Vergaangenheet" ass, den 18. Januar 2019 an der Méchelskierch um Fëschmaart organiséiert.

Dëse Benefizconcert zu Gonschte vun der „Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse" sollt nämlech dorunner erënneren, dass d'Prinzessin Charlotte virun honnert Joer Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg ginn ass. An enger politesch turbulenter Zäit, wou d'Existenz vun der nach relativ jonker Lëtzebuerger Monarchie a Fro gestallt gouf, huet sie de 15. Januar 1919 um Schlass vu Bierg den Eed op d'Lëtzebuerger Constitutioun geleescht. Déi zweeten Duechter vum Groussherzog Wëllem IV. vu Lëtzebuerg, Herzog vu Nassau-Weilburg, an der Groussherzogin Maria Anna, Infantin vu Portugal, huet domatter am Alter vu nëmmen 23 Joer um Troun d'Successioun vun hierer eelster Schwëster Marie-Adelheid ugetrueden, déi aus politeschen Grënn hat missen ofdanken. Den 28. September 1919 gouf duerch e Referendum d'Monarchie als Staatsform confirméiert. Net manner wéi 45 Joer sollt d'Regierungszäit vun der Grande-Duchesse Charlotte daueren. Sie huet den 12. November 1964 zu Gonschte vun hirem eelste Jong Jean ofgedankt an ass den 9. Juli 1985 am Alter vun 89 Joer um Schlass vu Fëschbech gestuerwen.

Als Éieregäscht konnt de Präsident Guy Jourdain vum „Comité Alstad" an der Méchelskierch, déi och d'Porkierch vun der groussherzoglescher Famill ass, de Grand-Duc Jean, de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa begréissen. Ausserdeem waren den Éierestaatsminister Jacques Santer, den Deputéierten Claude Wiseler, d'Éierebuergermeeschtesch Colette Flesch, déi Stater Gemengerotsmemberen Maurice Bauer a Claude Radoux an den Haffkapellmeeschter Pierre Nimax komm.

*Schluss Säit 11*



*Virun enger historesch imposanter Kuliss huet d'groussherzoglech Militärmusek ënnert der Leedung vum Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun am Chouer vun der Méchelskierch Wierker vu véier fréieren Dirigente gespillt.* *(Fotos: Laurent Blum/Luxemburger Wort)*

*Schluss vun der Säit 10*

Fir de Concert zum Trounjubiläum hat de Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun e Programm mat Wierker vun dëse véier Komponisten erausgesicht, déi Dirigente während dem Règne vun der Grande-Duchesse Charlotte waren: Fernand Mertens (1918-1937), Pol Albrecht (1938-1939), Albert Thorn (1939-1960) a Norbert Hoffmann (1960-1971). Duerch de vill applaudéierte Programm huet den 1Sgt Vanessa Lommer gefouert.

Gewëssermoossen als Astëmmung op de Concert hat de Professer an Historiker Jean-Marie Majerus um Virowend am Musée vun der Geschicht a Konscht um Fëschmaart eng Konferenz ginn, an deeër hien der Fro nogaangen ass, ob de Wiessel vun der Prinzessin Charlotte als Grande-Duchesse op den Troun eng Bestandsgarantie fir d'Lëtzebuerger Monarchie war.

(j-lo)

## Den aktuelle Programm um Internet-Site kucken!

Aus zäitlech-organisatoresche Grënn ass et schwéier, fir am Bulletin “En avant ...marche!", deen all puer Méint erauskënnt, en aktuelle Programm vun den Optrëtter vun der Militärmusek ze publizéieren.

Dofir recommandéiere mir eise Memberen, op den **Internet-Site www.fvmm.lu**, dee nei opgemat a regelméisseg aktualiséiert gëtt, kucken ze goën, wat genau um Programm vun de nächste Wochen a Méint steet a wou een Entréesbilljeeën reservéiere kann.



*(Fotos: Emile Mentz)*

# Hommage musical de la Musique militaire grand-ducale à Niki Bettendorf

Le 8 février 2019 , la Musique militaire grand-ducale placée sous la direction du LtCol Jean-Claude Braun a offert à Bertrange au Centre Atert un concert à l'occasion du premier anniversaire du décès de notre président d'honneur et co-fondateur de l'a.s.b.l. Les Amis de la Musique Militaire, M. Niki Bettendorf.

En présence de sa famille et de ses amis, des autorités communales, du général Alain Duschène, de M. le LtCol e.r. Pierre Nimax, de M. Paul Scholer de l'UGDA ainsi que de plusieurs membres du conseil d'administration et du bureau exécutif de notre a.s.b.l., c'est M. Frank Colabianchi, le député-maire de Bertrange qui a commencé l'éloge de notre ami à tous Niki Bettendorf. Il salua en lui le bourgmestre de Bertrange qui, au fil des 20 années de sa charge a fait de sa localité une des plus belles du Grand-Duché de Luxembourg. Il a rappelé sa carrière politique auprès du DP comme député de 1990 à 2006 puis comme vice-président de la Chambre des députés. Il évoqua le grand admirateur de la Musique militaire, le supporter inconditionnel de SON club de basket BBC Sparta de Bertrange ainsi que sa passion pour le club local « Amis de la Pétanque ». M le Bourgmestre Colabianchi a cité Niki Bettendorf en exemple pour toutes ses réalisations dans l'intérêt général de notre communauté. Actif jusqu'au dernier jour, même en clinique, il avait encore conseillé son ami Frank au sujet des plans du nouveau hall sportif qui devrait porter son nom. M. Colabianchi se souvient des belles discussions qu'ils avaient encore eues ensemble quelques semaines avant son trépas au sujet de la commune, du DP et du succès des élections communales et législatives. Homme

*Suite page 13*



*L'actuel député-maire Frank Colabianchi a remis des fleurs à Mme Henriette Bettendorf-Kraus*




*La commune de Bertrange a honoré la mémoire de son méritant député-maire*



*Un public nombreux et attentif lors du concert en l'honneur de Niki Bettendorf au Centre Atert à Bertrange*

*Suite de la page 12*

de parti, Niki s'était encore déplacé courageusement pour voter aux législatives. Il voulait la victoire du DP pour Bertrange et pour son pays et ainsi montrer l'influence de ses choix politiques même au seuil de la mort. M. Colabianchi évoqua son visage toujours souriant surmonté par sa chevelure maintenue par de larges lunettes. Il regretta l'ami, l'homme admirable toujours présent et fédérateur qu'était Niki. Il n'oublia pas un clin d'œil au « Bartrenger Jus de pommes » que Niki appréciait de boire en compagnie de bons copains. Après avoir salué notre grand personnage, dont la photo à droite de la scène matérialisait la présence en ces lieux, le bourgmestre rendit les honneurs à son épouse Mme Henriette Bettendorf-Kraus et aux membres de sa famille qui l'accompagnaient. Le public ému acclama chaleureusement l'oraison de M. Frank Colabianchi.

L'AdjMaj Monique Bernotte prit la relève avec une présentation des œuvres du concert basée sur la chronologie des 21 années de notre a.s.b.l. dont Niki Bettendorf était co-fondateur. Très émue à son tour, elle conta les mérites de notre ancien président et souligna l'honneur pour la Musique militaire grand-ducale que de donner un concert à sa mémoire. Monique Bernotte rappela combien les membres de l'orchestre avaient pu apprécier ce que M. Bettendorf avait fait pour le corps de musique.

Après son introduction, elle présenta les trois premières œuvres du programme :

- « Marche 175e Joer Militärmusek » de l'AdjMaj Patrick Lux, présent sur scène ;

- « Poème Ardennais » du LtCol e.r. et Maître de Chapelle de la Cour Pierre Nimax ;

- « Adagio » de Tomaso Albinoni qui donna une note classique à l'affiche du concert commémoratif.

Au cours de sa seconde intervention, Mme Bernotte insista sur le fait que durant ses mandats au sein du conseil d'administration respectivement au sein du bureau exécutif, le co-fondateur de l'a.s.b.l n'avait eu de cesse que de faire connaître SA Musique militaire grand-ducale tant au pays qu'à l'étranger et particulièrement dans la Grande région. Elle souligna que l'œuvre suivante du programme « Sunrise at Angel's Gate » de Philippe Sparke était le souvenir d'un remarquable CD et son concert initié par feu le président honoraire pour SON a.s.b.l. D'Frënn vun der Militärmusek.

L'œuvre suivante « Godspeed » de Stephen Melillo décrivait les idéaux humains chers à Niki Bettendorf et auxquels les hommes doivent rester attachés bon gré mal gré quoiqu'il arrive dans la vie.

A sa troisième apparition, la présentatrice de la Musique militaire signala qu'en 2003, Niki Bettendorf prit la relève de Roby Raus comme président du bureau exécutif de l'a.s.b.l.. Durant cette période, l'AdjMaj Monique Bernotte oeuvrait au secrétariat du bureau à ses côtés. Elle appréciait particulièrement le travail avec lui toujours si avenant et l'aida à organiser pour nos membres des voyages d'accompagnement des tournées de l'orchestre à Schladming, à Innsbruck, en Tchéquie ou encore à Sankt Pölten. Durant ces voyages, il arrivait à Niki qui n'avait pas de formation musicale de sortir son harmonica et d'y jouer avec brio accompagné par les sourires et les acclamations d'un public de membres et de musiciens militaires enthousiastes et naturellement par un verre de „Bartrenger Jus de pommes". Aussi, les morceaux qui suivirent, « Sacred Song » de Bert Appermont et « Aus der Kannerzäit » du luxembourgeois Asca Rampini rappelèrent le souvenir des moments de plaisir passés ensemble tels que Niki les appréciait tout spécialement.

En fin de programme, les œuvres majestueuses et luxembourgeoises judicieusement choisies par le Chef de musique, furent brillamment interprétées par des musiciens militaires dont on sentait la fierté de pouvoir honorer par leur art l'œuvre de M Niki Bettendorf. A savoir « Au Service de la Nation » du Sergent-Chef Georges Sadeler et « Lëtzebuerger de Lëtzebuerger » marche historique de Pol Albrecht.

Ces deux œuvres à elles seules couronnèrent les cinq années de Niki comme président de l'a.s.b.l. Les Amis de la Musique Militaire (2007 à 2012), cinq années riches en production de CD (MusMil+Philipp Schartz, avec Marc Meyers, premier CD du Big Band MusMil etc…) et en concerts de gala (avec les Guides de Bruxelles, Toni Scholl, Philippe Sparke etc…).

*Fin à la page 14*





*Des éloges pour le défunt président Niki Bettendorf, ont été prononcés par le député-maire Frank Colabianchi et Robert Weyland, membre du Conseil d'administration et membre du bureau exécutif des „Frënn vun der Militärmusek"*

*Fin de la page 13*

C'est à M. Robert Weyland, membre du conseil d'administration et du bureau de l'a.s.b.l., que revint l'honneur d'adresser à Madame Bettendorf, à sa fille, à sa famille et à l'assemblée, l'hommage des Amis de la Musique Militaire ci-joint :

*„An der Museksliteratur gëtt et vill Wierker mat engem Ënnertitel " Hommage" un ee Komponist, ee Frënd respektiv fir eng Perséinlechkeet. Ee Concert vun engem professionellen Orchester fir esou een Hommage ass awer ganz seelen.*

*De Concert vun der Militärmusek haut den Owend am Centre Atert, ass zu Éieren vun enger Perséinlechkeet wéi den Här Niki Bettendorf. Et soll ee Merci, eng Unerkennung si fir säin Engagement, seng Iwwerzeegung der Militärmusek déi Plaz ze ginn, déi dëse renomméierten Harmonieorchester als Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Arméi op nationalem, regionalem an internationalem Plang verdéngt.*

*D' Monique Bernotte, datt duerch de musikalesche Programm gefouert huet, huet och dem Här Bettendorf säin Asaz, seng Initiativen a säin Idealismus fir d'Militärmusek iwwert d'Associatioun "d'Frënn vun der Militärmusek" exzellent an am Detail presentéiert.*

*Dës Associatioun huet bis dato näischt un Wichtegkeet verluer, ee Beweis duerfir war de Concert de bienfaisance, organiséiert vun der Arméi zesumme mat de Frënn vun der Militärmusek an dem LCTO den 30. Januar 2019 am Stater Conservatoire, gespillt vun eiser Militärmusek zesumme mat 21 Museksstudentinen a Museksstudente mat schonn engem nennenswäerte musikalesche Bagage, déi während véier Deeg ee Praktikum kritt hunn iwwert Prouwen, Zesummespill an de 'Fonctionnement en général vun engem professionellen Harmonieorchester. Gläichzäiteg war och eng Visite um Härebierg, wou déi militäresch Grondausbildung fir de Militärmuséker erkläert gouf. Eng vun de villen Initiativen, déi de Niki Bettendorf a senger Funktioun als President zesumme mam deemolege Chef André Reichling mat der Autorisatioun vun der Arméi verwierklecht huet fir de Rekrutement ze förderen (wat sech am Moment als keng einfach Saach presentéiert).*

*Merci däerfe mir soen dem Här Arméiminister, dem Chef d'Etat-Major vun der Arméi, déi mat engem avis favorable dëse Concert méiglech gemaach hunn. Felicitatiounen un de LtCol Jean-Claude Braun, säin Adjoint de Capt Christian Kirpes fir Zesummesetzung vun dësem exzellente Programm, ebenfalls ee Bravo un Musekerinnen a Museker fir déi musikalesch Prestatioun.*

*Een opriichtege Merci un Iech Här Député-Maire, un d'Membere vum Schäffen- a Gemengerot, un all Mataarbechter vun der Administratioun an den techneschen Servicer vun der Gemeng Bartreng fir d'Organisatioun vun dësem Concert.*

*An der Optik wat den Enseignement Musical ugeet, hunn d'Nofolger vum Niki Bettendorf, Paul Geimer a Frank Colabianchi dat weidergefouert an esouguer weider ausgebaut. Alles opzeziele geng ze wäit féieren z.B. de Bau vun der Musekssschoul a Musekssschoul "Westen" déi hei zu Bartreng hiren Ursprong huet, 10 Gemengen ëmfaasst, an duerch Zesummenaarbecht mat der UGDA Musekssschoul och Couren an der Division Moyenne kann ubidden. Merci allen Responsabele vun der Gemeng Bartreng fir hire Bäitrag zum kulturelle Liewen op lokalem a regionalem Plang.*

*«Die Macht des Schicksals» ass d'Iwwerschrëft vun engem Meeschterwierk vum G. Verdi. Ewéi vill vun eis, sidd och dir Madame Bettendorf vun där Muecht vum Schicksal net verschount bliwwen. Madame, Dir an är Famill hutt eppes verluer, wat net ze ersetzen ass. Sécherlech awer wäerten déi Generatiounen no eis dem Niki Bettendorf seng Déngschter fir d'Allgemengheet (au service de la Nation) erëmfannen, an den Archive vun der Gemeng Bartreng, der Chamber, der DP a selbstverständlech bei de Frënn vun der Militärmusek".*

La Musique Militaire Grand-Ducale termina la soirée commémorative pleine d'émotions par l'hymne national « Ons Heemecht ».

Nello Zigrand



# D'Groussherzoglech Militärmusek an der Groussregioun

Am Kader vum Festival « 13e Printemps musical en pays mosellan », dee vum 16. bis den 30. Mäerz 2019 organiséiert war, huet d'Lëtzebuerger Militärmusek an der Kierch zu Volmerange-les-Mines (F) de Samschden, 16. Mäerz 2019, ee Concert gespillt.

Virum Concert huet d'Madame Florence Niemi, Präsidentin vun der « Association Chants et Musiques en Pays Mosellan », de Programm vum Festival présentéiert, an den Här Jean-Claude Kalisky, Directeur artistique, den zahlräichen Uwiesenden a kuerze Wieder d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Militärmusek virgedroen.


Den Harmonieorchester vun der Lëtzebuerger Militärmusek stong fir de Concert ënnert der Leedong vum Capitaine Christian Kirpes. Hien ass Member vun der Militärmusek zanter dem 20. Oktober 1986, gouf de 4. Juni 2014 zum Sous-chef ernannt, an krut den 11. September 2017 de Rang vum Capitaine.


De Programm, deen hien fir dëse Concert opgestallt hat, an deen op déi gewinnten charmant Art a Weis vum 1.Sgt Vanessa Lommer virgestallt gouf, huet Wierker vun enger ganzer Rëtsch vu Komponisten begraff : J.-P. Frisch - Fanfare, W.A. Mozart – L'Enlèvement au serail, F. Léhar – Vilja Lied, C.M. von Weber – Peter Schmol (Ouverture), J. Strauss II – Mein Herr Marquis aus « Die Fledermaus », G. Bizet – Carmen Suite, P.I. Tchaikovsky – Finale from Symphonie No 4, an J. Medins – Aria fir de Bis.


D'Gesangstalent vun der Solistin, der 1Sgt Steffi Schlink, koum an zwee Stécker phantastesch zum Virschäin ; si huet mat hirer schéiner, renger Stëmm d'Spectateuren am « Vilja Lied » vum F. Léhar an am « Mein Herr Marquis » vum J. Strauss II begeeschtert.

Alles in allem kann ee soen, datt de Concert e würdegen Optakt vum Festival « 13e Printemps musical en pays mosellan » wor.

Emile Noesen







*D'Conférencière Vanessa Lommer, den Dirigent Christian Kirpes an d'Solistin Steffi Schlink*

*(Fotos: Emile Noesen)*

# Bonne retraite, Gilbert !



# Bonne retraite, Marc !

Ayant fait ses premiers pas dans le domaine de la musique auprès de l'Harmonie d'Oberkorn (chef de musique : Alex Bauer), Gilbert Holzem, né le 24 décembre 1961 à Differdange entame ses études musicales en 1971 au Conservatoire de musique d'Esch-sur-Alzette ayant comme enseignants: Fernand Jung (solfège 1971-1976), Robert Weyland (bugle 1971-1973), Jules Strasser et Jos Braun (cor 1973-1981), François Soumer (musique de chambre 1981-1983) et André Navau (violoncelle 1975-1982).

Après l'obtention de ses diplômes suivants: solfège 1er prix cor prix de perfectionnement, musique de chambre 1re mention et violoncelle 1re mention, il postule pour un poste au registre des cors de la Musique militaire grand-ducale. Sa candidature acceptée, il s'engage le 21 juillet 1980 comme volontaire (musicien stagiaire) auprès de l'Armée luxembourgeoise. Assermenté Sgt dans la carrière des sous-officiers de la Musique militaire le 21 juillet 1983, il est promu 1Sgt en 1986, SgtCh en 1989, Adj en 1999, AdjCh en 2008 et AdjMaj en 2013. Retraité depuis le 1er février 2019.

Pour l'année scolaire 1983/84, il décide d'approfondir ses connaissances musicales et s'inscrit comme élève libre au Conservatoire royal de Mons (classe de cor). Intéressé à l'enseignement musical et la direction d'orchestre, il a été chef de musique de l'Harmonie Rollingergrund de 1983 à 1993 et chargé de direction de l'École de musique de la Ville de Differdange de 1993 à 2017. Comme dans beaucoup d'orchestres professionnels il existe également au sein de la Musique militaire parallèlement au grand orchestre d'harmonie des ensembles instrumentaux pour les bois, les cuivres, les cordes et les percussions. Gilbert Holzem faisait partie de l'ensemble de cuivres et du quintette à vent.

Il eut l'opportunité de jouer avec l'ensemble Eurobrass, le quintette à vent Camerata Artis, le Hornquartett Hornissimo, l'orchestre du festival d'Amnéville et comme renfort avec l'Orchestre de RTL.

De 1995 jusqu'en 2018 il fut le représentant du personnel de la Musique militaire auprès du SPAL (CGFP), et reviseur de caisse depuis de nombreuses années auprès de l'a.s.b.l. "d'Frënn vun der Militärmusek". Les responsables de cette association le remercient chaleureusement pour sa collaboration et son engagement sans faille, et souhaitent à ce musicien talentueux et consciencieux de pouvoir profiter de longues années d'une retraite bien méritée.

Robert Weyland

Originaire de Linger, Marc Thill, né le 7 août 1961 à Differdange commence ses études musicales 1969 à l'âge de huit ans à l'École de musique de Pétange. Il y aura comme chargés de cours: Mireille Kayser-Baltus (solfège), Théo Wandivinit et Georges Mallach (violoncelle) et Jean-Pierre Braun (clarinette).

Pour obtenir l'homologation de ses diplômes et dans l'espoir d'accéder à une éventuelle carrière de musicien professionnel, il a poursuivi ses études musicales au Conservatoire de musique d'Esch-sur-Alzette, ayant comme enseignants: François Schummer (clarinette) et André Navau (violoncelle). Durant cette même période, il s'inscrit pour approfondir ses connaissances musicales au Conservatoire royal de Liège (classe de violoncelle). Détenteur du bagage musical suivant: Conservatoire d'Esch, prix de perfectionnement (violoncelle 1981) et certificat de perfectionnement (clarinette 1983), Conservatoire royal Liège, 2e prix (violoncelle 1981), il pose sa candidature pour un poste au registre des clarinettes de la Musique militaire grand-ducale. Après avoir réussi l'examen d'admission, il s'engage dans l'Armée, le 20 juillet 1981, comme volontaire (musicien stagiaire).

Le 20 juillet 1984, Marc Thill est nommé sergent dans la carrière des sous-officiers de la Musique militaire. Il est promu 1Sgt en 1987, SgtCh en 1990, Ajd en 1999, AjdCh en 2009 , AjdMaj en 2013. Retraité depuis le 1er février 2019.

En dehors du grand orchestre d'harmonie, il participait aux activités de l'orchestre de chambre et du quatuor à cordes, des ensembles dont dispose la Musique militaire pour assurer l'encadrement musical de différents événements (séances académiques, inaugurations et réceptions) au sein de la famille grand-ducale, du gouvernement et de l'Armée. Marco Thill a été chargé de cours pour violoncelle et clarinette à l'École de musique de Diekirch (1989 -2003), au Conservatoire du Nord (2003 - 2004) et à l'École de musique Pétange(1986 -2015).

Les responsables de l'association "D'Frënn vun der Militärmusek" souhaitent à ce musicien sympathique et compétent de profiter encore de nombreuses années d'une retraite bien méritée,et de pouvoir se consacrer à ses passions comme la nature et la chasse.

Robert Weyland